mywort

Nohaltegkeet mécht Schoul

Campagne zur Ëmweltsensibiliséierung an der Primärschoul zu Munneref

Munneref. D'Schüler aus dem Cycle 3.2 a 4.1 ware mat voller Begeeschterung dobäi. D'Zil vun dësem Projet, dee vum Klimapakt-Team vun der Munnerefer Gemeng, an Zesummenaarbecht mat der „Energieagence", initiéiert gouf, war et de Jonken Ëmweltwëssen an ëmweltgerecht Verhalen ze vermëttelen. A sechs Module si verschidden Theme behandelt ginn, wéi Nohaltegkeet, Energiequellen, richteg Heizen a Lëften, Stroum spueren, Waasser a Pabeier. Zum Schluss war all Schüler houfereg, säin Zertifikat entgéint ze huelen.

Gemeng Munneref via mywort